mouvement
écologique

Un

d'Madamé Carole Dieschbourg, Emweltministerin

den Här Camille Gira, Staatssekretär

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2017

Madame Minister,
Här Staatssekretär,

Gemäss dem fräien Zougang zu Informatiounen am Ëmweltberäich erlaabt sech de Mouvement Ecologique Iech betreffend gemäss EU besonnesch schützenswäerten Arealen ze schreiwen, déi awer a kommunale PAGen als bebaubar ausgewise sinn.

Es ass jo festzestellen, datt am Ablack Gemengen opgrond vum sougenannte "Walfer Uerteel" kaum Reklassementer vun Arealer a Zone verte maachen. Wéi awer z.B. am Haneboesch zu Déifferdeng, gëtt et jo awer och Arealer déi groussflächeg Habitate vun der Annexe I vun der Habitatdirektiven opweisen, a wou Lëtzebuerg entspriechend gemäss EU-Virgabe misst schützen.

Mäer hätten duerfir folgend Froen un Iech

- Hutt Dir eng Bestandsopnam vun de betraffenen Arealer, wa jo, kéint Dir eis déi zoustellen. Wa net, mengt Dir net, datt esou e Relevé misst erstallt ginn, fir ggf. déi Situatiounen ze berengegen?
- Wat ass Ärer Meenung no die juristesch Situatioun? Hei besteet jo e Widdersproch tëscht dem kommunale PAG an den EU Schutzvirgaben? Wat bedeit dat aus juristescher Siicht?

Merci am Viraus a bescht Gréiss.

Blanche Weber
Presidentin

Mouvement Ecologique asbl, 6, rue Vauban, L-2663 Luxembourg, Tel : 439030-1, meco@oeko.lu, meco.lu